

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2021

REÇU  
Par Christine Wirtgen, 14:56, 26/03/2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Tourismus weiderzeleeden:

*« Fir déi héich Nofro un doucer Mobilitéit z'ënnerstëtzen, déi duerch d'Pandemie opkomm ass, gouf d'lescht Joer während de Summerméint de sougenannte « Vélosummer » organiséiert, deen och e grouse Succès hat, quitt dass schlussendlech manner Gemenge matgemaach hunn, wéi geplangt.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir Tourismus folgend Froe stellen:*

- Ass virgesinn d'Initiativ « Vélosummer » dëst Joer ze widderhuelen ?*
- Sinn d'Ministere schonn a Gespréicher mat de Gemengen am Land fir dëst Joer nach méi eng flott Offer de Vélosfuerer kënnen ze presentéieren ?*
- Kënnen d'Häre Ministeren eventuell schonn éischt Detailer vum Vélosummer 2021 nennen ? Wann net, fir wéini kéint de Projet dem Public virgestallt ginn ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le **27 AVR. 2021**

**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec**  
**le Parlement**

**Service Central de Législation**  
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N° 3962 du 26 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant le « Vélosummer 2021 », tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**  
**Ministre de la Mobilité**  
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an dem Här Lex Delles, Minister fir Tourismus, op d'parlamentaresch Ufro N 3962 vum 26. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Max Hahn iwwert d'Initiativ vum „Vëlosummer“**

No dem grouse Succès vun der éischter Editioun dat läscht Joer, wou insgesamt iwwer 40.000 Cyclisten deelgeholl hunn, louch et op der Hand, datt de „Vëlosummer“ och dëst Joer widderholl gëtt an domadder vum 31. Juli bis zum 29. August stattfanne wäert.

Opgrond vun der relativ kuerzer Preparatiounszeit dat läscht Joer, haten déi zwee Ministère proaktiv verschidde Proposen ausgeschafft a jee weils den eenzele Gemengen ënnerbreet. Vu datt mir dëst Joer awer méi Virlofszeit haten, war et eis méiglech d'Gemenge vun Ufank un méi intensiv an d'Planung anzubannen. Sou haten all d'Gemengen d'Méiglechkeet eis bis Ufank dës Jores hier Proposen eranzerechen, déi mir doropshi mat den eenzelen Acteuren op hier Machbarkeet analyséiert hunn. Op Basis vun den eenzele Proposé goufe schliisslech vun eise Servicer, an enker Zesummenaarbecht mat den ORT'en, eng Partie touristesch Tier ausgeschafft, déi dës Summer souwuel iwwer de ganze Mount, wéi och punktuell iwwert ee bestëmmte Weekend ugebuede ginn. Eis freet et ëmsou méi datt sech net nëmmen déi Gemengen déi schonns läscht Joer dobäi waren aktiv mat abruucht hunn, mee och datt ganz vill nei Gemengen dëst Joer beim „Vëlosummer“ deelhuele wäerten, wat eis och erlaabt fir flott nei touristesch Circuite kënnen unzebidden.

Déi concernéiert Gemenge goufen elo vun eis ugeschriwwen an hunn doropshin d'Méiglechkeet eis bis den 30. Abrëll hier Remarquë matzedeelen. Am Kader vun enger Pressekonferenz de 7. Mee gi schliisslech déi eenzel Tier vum „Vëlosummer 2021“, wéi och wieder Detailer, virgestallt.